



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le **05 MARS 2021**

**Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement**

**Service Central de Législation
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N° 3549 du 1^{er} février 2021 de l'honorable député Monsieur Max Hahn, concernant le système de contrôle et d'information du trafic sur les autoroutes, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op
d'parlamentaresch Ufro N°3549 vum 1. Februar 2021 vum honorabelen Deputéierte Max Hahn
iwwert "Système de contrôle et d'information du trafic sur les autoroutes"**

Wéi wäit ass d'Evaluatoun vum CITA ?

De Volet « évaluation » ass mat der "Evolution study" am Summer 2020 ofgeschloss ginn an huet zu enger "CITA vision stratégique 2030" gefouert. Et goufen dobäi 3 Achse cibléiert:

- 1) Capitaliser : Et goufen iwwert d'Joren eng Rei vun Funktionalitéiten an Infrastrukturen opgebaut, déi e bleiwende Wäert hunn, an och an Zukunft wäerte fortbestoen.
- 2) Moderniser : Et muss ob d'Obsolenz vu verschiddenen Equipementer a Module reagiert ginn, déi dem Stand vun der Technik mussen ugepasst ginn. Dorënner falen d'Ëmstellung ob Glasfasertechnologie an der Dateniwwerdroung oder d'Neiprogrammatioun vun eenzelen informatésche Modullen op Basis vun aktueller Betriebssystemer a Programméiersproochen.
- 3) Enrichir : Der Evolutioun vun den technesche Méiglechkeete Rechnung droen an den Demanden un e moderne System nokommen, fir de Benotzer méi performant Servicer ze offrén, an och der Evolutioun vun der Demande an den europäeschen Direktive gerecht ze ginn. Heibäi wieren zum Beispill d'Bereetstellung vun dynamesche Verkéiersdonnée'en a Virfäll als OpenData oder och automatesch Systemer zur Vitessemodulatioun zur Ouverture vum Standsträifen (BAU) fir de Bus a Covoiturage .

Wat wieren eventuell éischt Konklusiounen ? Ass virgesinn, de CITA auszebauen ? Kann den Här Minister Prezisiounen heizou ginn ?

De CITA vun haut ass iwwer 20 Joer al, a ka verschidden Aufgaben net erfëllen, wéi zum Beispill :

- dynamesch Vitessemodulatioun op den Autobunnen zu de Spëtzenzäite vum Verkéier;
- dynamesch Standsträifen op den Autobunnen, déi an de Spëttestonne vum Trafic op- an zougemaach ginn, zum Beispill fir d'Busser;
- an de Spëttestonne vum Trafic op den Autobunnen d'Spueren dynamesch fir Bussen oder de Covoiturage ze reservéieren.

Dofir mussen d'Infrastrukture vum CITA um Terrain an och d'Informatik, déi de CITA steiert, erneiert ginn.

De Génie civil ass plazeweis och unzepassen, fir den uewe genannten Aufgabe gerecht ze ginn.

Wéi wäit ass d'Ausschaffe vun der genannter informatescher Strategie ? Kann den Här Minister och heizou weider Informatiounen ginn ?

“CITA vision stratégique 2030” ass am Summer 2020 ofgeschloss ginn. Et bleift vill Aarbecht bis 2030 ze maachen. De Programm ass evolutiv a kann u spéider Besoins'en ugepasst ginn. Konkret gëtt den informatesche Kär vum CITA duerch de LTMS (Lëtzebuerger Traffic Management System) ersat, deem nieft enger permanenter Evolutioun, ob 3 prioritären Horizonter erschafft soll ginn: Prioritéit 1 : kuerzzäiteg (0-3 Joer), Prioritéit 2 : (3-6 Joer), Prioritéit 3 : (6-9 Joer).

An der 1. Prioritéit stinn d'Moderniséierung an d'Schafe vun de Viraussetzungen fir déi folgend Phasen un, aschléisslech der Viraussetzung vun enger Business Continuity, well de CITA als wesentlech Element vun der Gestoun vun den Tunnelen net duerf ausfalen.

Parallel ginn déi gréisser aktuell Projet'en schonns an dëser Philosophie virbereet.

Duerno kann de Volet „Gestion dynamique du trafic“ a méi automatisierter Form ugaangen ginn, an och d'Qualitéit vun den Donnée'en wesentlech verbessert ginn, fir schléisslech dorausser och eng verbessert Informatioun vun de Benotzer a Verbraucher ze bewierken, notament wat d'Fiabilitéit ubelaangt. Parallel dozou wäert dann och den technologesche Fortschritt a Form vun enger kënstlecher Intelligenz mat integréiert kënne ginn.

Dës Eckpunkte goufe schonns tëschent dem Ministère an der Stroossebauverwaltung zeréckbehalen, a mussen elo schrëttweis ëmgesat ginn.